



M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis.

Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission

Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommission ze verweisen, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass dat esou decidéiert.

(La motion 1 de Mme Nathalie Oberweis est renvoyée à la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.)

Motion 2

Da komme mer zur Motioun Nummer 2 vum Här Fred Keup. Wie wëllt dozou d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Baum.

M. Gilles Baum (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Et ass, jo, eng typesch ADR-Motioun.

(Hilarité)

Et gëtt festgestallt, dass a breeden Deeler vun der Bevölkerung den Androck entsteet, dass d'Kannerheemer hei am Land net op eng transparent Aart a Weis kontrolléiert ginn an dass et doduerch onkloer ass, ob d'Kanner do sécher an optimal versuergt ginn an ob dës Arichtungen de rechtliche Standarden an de beschte Praktiken entsprechen.

Ech muss Iech soen, Här President, Dir wësst dat, Dir wësst dat alleguer: Ech war laang Schoulmeeschter an enger Gemeng, bal 20 Joer. Mir haten direkt bei der Schoul e Kannerhaus, do waren eng Dose Kanner. An ech kann Iech soen, déi sinn all Dag an d'Schoul komm mat hirem Personal, an déi hunn dat mat ganz vill Engagement a ganz vill Häerzblutt gemaach. Dir wësst, dass ech aus enger Gemeng kommen, wou och e Kannerhaus ass, an och déi Leit hunn en enke Kontakt mat der Gemeng. Ech fannen, dass dat heite wierklech Ennerstellung sinn, an ech géif menger Fraktioun virschloen, déi Motioun hei net matzedroen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Baum. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Ech kann dem Här Baum nëmme Merci soe fir déi ganz pertinent Analys. Ech di mech ganz schwéier ... Ech hunn a menger Ried virdru gesot, mir brauche méi Zuelen, mir brauche méi Statistiken, méi Informatiounen, fir kënnen duerch den Niwwel duerchzeblécken. Dat heescht awer net, datt mer hei sollen den Androck erschéine loossen, datt et komplett schlecht geréiert wär.

Ganz am Contraire: Ech mengen, datt all déi Leit, déi involvéiert sinn, all Dag hiert Besch ginn. An da muss ee just d'Fro stellen: Hu se déi néideg Moyenen? Hu se déi néideg Ressourcen, fir mat deem Beschten dann och dat Besch ze erreechen? Dat geet awer net doriwwer, andeem ee jiddwerengem emol direkt ennerstellt, e géif eng schlecht Aarbecht maachen an e géif dat intransparent hannert zouenen Diere maachen! A virun allem sollt een domadder net iergend-eppes befeieren, wou een herno dann d'Fro stellt, ob mer nach de rechtliche Standarden entsprechen, well wann dat net de Fall wär, dann géif dat jo explizit heeschen, datt mer hei an der Illegalitéit wäeren. An ech mengen, dat wär awer e ganz staarke Virwurf, deen ech hei net ka matstëmmen, datt mir dat géife feststellen. A vu datt et esou formuléiert ass, datt d'Chamber feststellt, datt et Illegalitéit géif

ginn, ouni datt an där ganzer Motioun oder an der Ried iergendeng vun deene soupçonéierten Illegalitéiten opgeworf gëtt, kann ech déi Motioun hei net matstëmmen, well et ass wierklech bëllest Stammeespolitick!

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Max Hengel.

M. Max Hengel (CSV) | Merci, Här President. Ech ka mech a groussen Deeler andeem uschléissen, wat mäi Virriedner gesot huet. Ech mengen, d'Personal an de Strukturen, dat mécht eng ganz gutt Aarbecht an et soll een dat net iergendwéi enner Generalverdacht stellen. Duerfir wäerte mir dës Motioun och net matdroen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Hengel. An elo geet d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Jo, ech schléisse mech och deem un. Also, den Toun gefält eis och net. Voilà, d'ADR huet mir schonn eng Kéier virgeheit, mir géifen och e Generalverdacht maachen. Voilà, deen hei Toun, dat ass awer e bësselchen dat. Ech kann dat esou net feststellen, dofir kënnen mir dat och esou net ennerstëtzen, och wann ech d'Iddi vum Audit net onbedéngt schlecht fannen. Mee voilà, den Toun gefält eis awer och net wierklech. Also, mir kënnen dat och esou net matdroen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis. An da ginn ech d'Wuert zrëck un den Auteur, den Här Fred Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Ech wëll just eng Kéier soen: Et kann een et dann och esou maachen, wéi eng ganz Partie vun deene Leit, déi elo geschwat hunn, et maachen: Et kann ee viru Problemer einfach d'Aen zoumaachen, ...

Plusieurs voix | O!

M. Fred Keup (ADR) | ... da verschwanne se vläicht. Wann dat Är Taktik ass als DP, dass mer esou duerch d'Land fueren an an d'Zukunft kommen ...

(Brouhaha)

M. Sven Clement (Piraten) | Bréngt emol Beweiser fir Är Theorien!

(Coups de cloche de la présidence)

M. Fred Keup (ADR) | Wann dat ... Wann dat Äre Choix ass, fir, wann een hei eppes seet, dann unzefänken, do ze grommelen, mäi Gott, dann ass et eeben esou. Ech mengen, mir wëllen hei op e Problem opmierksam maachen, wëllen dee léisen. Mir soen och net, dass iergendwéi hei ee seng Aarbecht schlecht mécht. Ech hunn dat selwer gesot, dass mer ...

(Brouhaha)

Une voix | Dat steet awer hei an Ärer Motioun!

M. Fred Keup (ADR) | ... vun Educateuren ...

M. Fernand Etgen, Président | Wannechgelift! Ech verstinn, datt et ze waarm ass dobaussen, mee ech hunn awer léiwer, et ass heibannen e bësse méi kill.

M. Fred Keup (ADR) | Et ass heibannen zwar och zimmlech waarm, Här President, muss ech soen. Mee ech wëll awer och soen, dass een och d'Saache muss dann awer esou widderhuelen, wéi se gesot gi sinn. Dat hei bedeit guer net, dass mer e Generalverdacht maachen op déi Leit, déi do schaffen. Ech hu selwer gesot, dass ech vill mat deene Leit geschwat hunn, déi um Terrain sinn, déi selwer soen, se wiere mat ville Situatiounen iwwerfuerdert. Also, dat hei dat kënnt jo net komplett aus der Loft!

An ech mengen, et wier awer eng Aufgab, déi mer missten dem Staat ginn, fir dat dote besser ze kontrolléieren am groussen Ganzen, och eebe grad well vläicht d'Leit falsch Virstellungen hunn. Da géif dat jo erauskommen an da wier vläicht wierklech alles gutt. Mee wa mer d'Aen zoumaachen a Kontrollen net wëllen hunn, jo ben, da kënnen mer duerno soen, alles wier gutt, mee et ass net de Fall!

Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Keup.

Une voix | Gitt emol kucken!

M. Fernand Etgen, Président | Ech mengen, da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwert dës Motioun kommen.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun ass bei 3 Jo-Stëmmen, 54 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Laurent Mosar) et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

6. 8183 – Projet de loi portant modification de :

1^o la loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque (SICAR) ;

2^o la loi modifiée du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés ;

3^o la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif ;

4^o la loi modifiée du 12 juillet 2013 relative aux gestionnaires de fonds d'investissement alternatifs ;

5^o la loi modifiée du 23 juillet 2016 relative aux fonds d'investissement alternatifs réservés

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 8183 iwwert d'Verbesserung an d'Modernisierung vun der Lëtzebuerger Toolbox am Bereich vun den Investitionsfongen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeloet.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. André Bauler (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif alleguer, mam Gesetzesprojet 8183, deen ech Iech dann elo presentéieren, ginn eng Rei Ännerunge virgeholl, fir d'Legislatioun betreffend eis Fongenindustrie ze moderniséieren an unzepassen. D'Zil vun dësem Gesetzesprojet ass et, wéi Dir selwer sot, Här President, eis Lëtzebuerger „Toolbox“, also eis Lëtzebuerger Geschierkëscht, fir d'Fongenindustrie ze verbesseren an nei opzestellen, fir esou d'Attraktivitéit an d'Kompetitivitéit vun der Finanzindustrie ze stäerken. Als Begrënnung fir dës Ännerungen hunn d'Auteure vum Gesetzesprojet d'Wichtigkeet vun der Fongenindustrie ënnerstrach, dat verglach mam Recht vun eiser nationaler Wirtschaft.

Fir unzefänken an de Kader ze setzen, wëll ech nach eemol drun erënneren, dass Lëtzebuerg eng grondleeënd Roll gespillt huet, wat d'Internationaliséierung vun der Fongenindustrie ugeet. Haut ass eist Land, eis Finanzplaz, den europäeschen Zentrum fir alternativ Fongen. Konkreet zielt Lëtzebuerg méi wéi 300 Gestionnaire vum Investitiounsfong souwéi 20.000 direkt Aarbechtsplazen.

D'Fongenindustrie befënnt sech zanter Joer an Dag an engem bestännegen Wandel. Och déi aner Fongenzentren entwéckelen sech permanent. Dowéinst, soen d'Auteure vum Projet, muss de Grand-Duché seng Gesetzgebung upassen, fir weiderhi kompetitiv ze bleiven.

Et dierf een och net vergiessen, dass d'Fongen eng wichteg Roll spillen, wann et ëm d'Finanzéierungsbedürfnisser vun der Europäescher Unioun geet. Et geet hei ëm d'Finanzéierung a Richtung vun enger méi nohalteger a widerstandsfäeger, also resilienter Wirtschaft; dat, grad wann een och bedenkt, dass déi europäesch Bevëlkerung – och déi Lëtzebuerger Bevëlkerung – ëmmer méi al gëtt.

An dësem Kader kënnen Produite wéi déi Europäesch Fonge fir Laangzäitinvestitiounen, kuerz ELTIF ofgekierzt, an d'Paneuropäesch Pensiounsproduiten, ofgekierzt PEPP – PEPP mat dräi P –, eis et erméiglechen, dës Eraufuerderunge proaktiv unzegoen. Dës nei Produkte sinn des Weiteren eng Chance, fir eis Positioun als internationale Finanzzentrum ze verstärken.

Här President, Léif alleguer, dës Gesetzesprojet gouf am Dialog, am Echange, mat den zoustännegen Vertrieder aus dem Secteur ausgeschafft. Et handelt sech also heibäi net ëm eng Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv, sou wéi dat soss dacks de Fall ass. An deem Sënn sinn déi proposéiert Ännerungen d'Resultat vun enger ganz ëmfangräicher Aarbecht, fir d'Kohärenz tëscht deene fënnef sektorielle Gesetzter net nëmmen ënnereneen ze garantéieren, mee och a Verbindung, a Relatioun, zu aner nationaler Gesetzter an europäeschen Texter. Doriwwer erlaabt de Gesetzesprojet et, déi administrativ Praxis gesetzlech ze verankeren.

De Projet de loi, vun deem mer haut hei schwätzen, den 8183, ass de 27. Mäerz vun der Madamm Finanzministerin Yuriko Backes deposéiert ginn. Konkreet geet et drëm, punktuell Ännerungen un de fënnef sektorielle Gesetzter, wéi ech gesot hunn, virzehuelen, betreffend d'Fongen oder d'Gestionnairen dovunner.

Ännerunge gi gemaach: éischtens beim Gesetz vum 15. Juni 2004 betreffend d'Société d'investissement en capital à risque, kuerz SICAR ofgekierzt, also dem SICAR-Gesetz; zweetens beim geännerte Gesetz vum 13. Februar 2007 betreffend déi spezialiséiert Investitiounsfongen, kuerz dem FIS-Gesetz; drëttens beim geännerte Gesetz vum 17. Dezember 2010 betreffend d'Organismes de placement collectif, also d'OPCen, hei also dem

OPC-Gesetz; véiertens beim geännerte Gesetz vum 12. Juli 2013 betreffend d'Gestionnaire vum alternativen Investitiounsfong, kuerz dem GFIA-Gesetz; a schlussendlech beim geännerte Gesetz vum 23. Juli 2016 betreffend d'Fonds investissement alternatifs réservés, also dem FIAR- oder RAIF-Gesetz. Ech mengen, do war ech souguer, wann ech mech gutt erënneren, Rapporteur deemools.

Här President, Léif alleguer, ech kommen dann elo zu den Haaptännerungen, déi dës Projet de loi virgesäit:

Éischtens gëtt d'Definitioun vum Begrëff „investisseur averti“ ugepasst. Konkreet gëtt den aktuellen Investitiounssaz vun 125.000 Euro op den europäesche Standard vun 100.000 Euro erofgesat, dat an de Gesetzter, déi d'SICAR, d'FIS an d'FIAR betreffen.

Zweetens gëtt d'Period fir d'Zesummesetze vum Mindestkapital verlängert, dat op 12 respektiv 24 Méint fir d'Fongen, déi ënner folgend Gesetzter falen: d'SICAR-Gesetz, FIS, OPC – Partie 2 – an d'FIAR-Gesetz.

Drëttens gëtt am Gesetz iwwert d'OPCen, also d'Organismes de placement collectif, d'Méiglechkeet geschaf fir eng SICAV – Partie 2 –, nieft der Société anonyme och nach aner Gesellschaftsformen unzehuelen ze kënnen.

Véiertens gëtt d'Méiglechkeet geschaf fir d'Gestionnaire vum alternativen Investitiounsfong, fir kënnen op sougenannt „agents liés“ zréckzegräifen. An deem Kontext ginn och Präzisiounen geléiert iwwert d'Commercialisatioun, also d'Verdreien, vun alternativen Investitiounsfongen am Grand-Duché.

Fënneftens gëtt den Uwendungsbereich vum Regime vun der net gerichtlicher Liquidatioun, wéi se am OPC-Gesetz virgesinn ass, op d'Gestaltungsgesellschaften esouwéi d'Gestionnairen ausgedeeent.

Schlussendlech gëtt d'Taxe d'abonnement ugepasst. Hei kënnt den nationale Gesetzgeber also den Ustrengunge vun der Europäescher Kommission no, fir eeben déi nei europäesch Produiten ze fërderen. Hei schwätze mer beispillsweis eebe vun den Europäesche Fonge fir Laangzäitinvestitiounen, kuerz ELTIF, an de Paneuropäesche Pensiounsproduiten, vun deenen ech virdrunn geschwat hunn an déi ech an de Kontext gesat hunn, eeben déi sougenannt PEPP-Produiten. Fir dës nei europäesch Initiativen ze stäerken, sinn d'Memberstaate souguer vun der europäescher Kommission opgefuerdert ginn, fiskalesch Ureizer ze schaffen. De Projet kënnt dës Ufro vun der Europäescher Kommission no.

Heiriwwer eraus wäerten och d'Reegele betreffend d'Währungsfongen un déi europäesch Standards ugepasst ginn. Dës Ännerungen dierfte kee bemierkenswäerten Déchet fiscal, wéi eis och an der Kommission och op Nofro erkläert ginn ass, mat sech bréngen, wéi mer an der Kommission vu Spezialisten, vun de Beamten aus dem Finanzministère, eebe bestätegt kruten. Fir d'Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, d'Finanz- an d'Budgetkommission krut zu dësem Gesetzesprojet zwee Avisen eran. De Staatsrot huet säin Avis den 20. Juni erausginn. Am Avis si weeder formell Oppositiounen nach Observatiounen zu deenen am Projet enthalenen Ännerungen. Virun allem huet den Avis vum Staatsrot Observatiounen legistescher Natur enthalen. De Staatsrot huet awer vun der Geleeënheet profitéiert, fir e betreffend den Artikel 4 seng Observatiounen aus sengem Avis Nummer 51.525 vum 21. Juni 2016 ze widerhuelen. Hei geet et ëm d'Méiglechkeet, déi d'Commission de surveillance du secteur financier huet, fir Réckkeef ze suspendéieren am Fall, wou déi

gesetzlech, reglementaresch oder statutaresh Virschrëfte betreffend de Fonctionnement vun enger Société d'investissement en capital à risque, esou enger SICAR, net méi respektéiert ginn.

Den Avis vun der Handelskummer, datéiert op de 4. Juli, ass eréischt d'lescht Woch en Donneschden an der Kommission ukomm, soudatt en eeben net a mengem schrëftleche Rapport ernimmt konnt ginn. Et soll awer gesot ginn, dass d'Chambre de Commerce de Projet prinzipiell begréisst. Fir d'Detailer vun hirem Avis verweisen ech dann do op d'Documents parlementaires.

Zum Schluss soen ech de Beamten aus dem Finanzministère, déi eis dës Projet, dee ganz technesch ass, natierlech en Detail an der Kommission presentéiert hunn, e ganz grouse Merci fir all déi Erklärungen, déi se eis geléiert hunn, a fir déi gutt konstruktiv Zesummenaarbecht. An am Numm vun der DP-Fraktioun géif ech och den Accord zu dësem Gesetzesprojet ginn. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet. Merci fir Äert andächtegt Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur André Bauler.

An éischten ageschriwwene Riedner ass den honorable Här Laurent Mosar.

Discussion générale

M. Laurent Mosar (CSV) | Jo, merci, Här President. Merci dem Rapporteur, deen eis, wéi mer dat vun him gewinnt sinn, erëm op eng ganz flott, détailléiert Aart a Weis déi wichteg Elementer vun deem Projet do virgestallt huet, soudatt ech mech ka ganz kuerz faassen, andeem ech fir d'éischt soen, dass mir dësem Projet eisen Accord wäerte ginn, well et e gudden an e wichtige Projet och am Interêt vun der Finanzplaz a ganz besonnesch vun der Fongenindustrie ass.

De Rapporteur huet och elo nach eng Kéier erkläert, wat déi weesentlech Modifikatiounen sinn. Ech wollt och dozou soen, dass ee Punkt eis och ganz besonnesch wichteg erschénkt, dass ass dee méi reduzéierten Taux vun der Taxe d'abonnement, vun deem dës Fongen, wat haaptsächlech d'ELTIFen an d'PEPPE sinn, och kënnen profitéieren.

Dir wësst, mir hunn och selwer Virschléi gemaach, wou mer och gehofft hätten, d'Regierung géif déi och positiv aviséieren. Ech denken do notament un déi ganz Fongen, déi an ESG-Produiten investéieren, wou Der wësst, dass mir och eng Propos gemaach hunn, fir déi op null Taxe d'abonnement ze setzen. Hei ass elo eng ganz kleng Taxe d'abonnement, déi do verrechent gëtt. Ech mengen, et kéint een, wéi gesot, do nach e Schrëtt méi wäit goen, notament, wéi gesot, fir Fongen, déi dann an ëmweltfrëndlech Produiten, nohalteg Produiten, weider investéieren.

Ech muss och soen, dass ech fannen, dass dës Projet grad zur richteger Zäit kënnt, well wann een e bësselchen esou kuckt – an ech hat d'lescht Woch hei d'Chance, eng Fro un den zoustännegen Wirtschaftsminister ze stellen –, hëlt d'Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz, ganz besonnesch vun der Fongenindustrie, trotzdem of. Ech hunn et schonn e puermol gesot: Am Moment ass Dublin amgaangen, eis e bësselchen de Rang ofzelafen. An dofir ass e Projet de loi wéi deen haut wichteg, fir dass mer och weider um Niveau vun de Fonge kompetitiv bleiven.

Ech sinn och berouegt, dass d'LSAP de Projet wäert matstëmmen, well den Här Kersch, mengen ech, huet seng Apaisement kritt vun der Madamm Finanzministerin. Well, ech mengen, et ass och wichteg, dass

esou Projete wéi dee vun haut e méiglechst grouse Konsensus kréien.

Dat gesot, gi mir natierlech d'Zoustëmmung zu dem Projete. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Mosar. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här President. Also, ech kann eng ganz ... Merci och dem Rapporteur.

(Interruption)

Pardon, entschëllegt, ech sinn anscheinend gemoschtert.

(M. Yves Cruchten redresse le col de sa chemise.)

(Hilarité)

Merci dem Rapporteur fir säi gudden Rapport. Dat erspuert mir ganz vill, wat ech net nach eng Kéier muss widderhuelen. Ech kommen direkt zum Punkt. D'EU-Kommissioun huet hir Memberstaaten invitéiert, dës paneuropäesch Fongen, iwwert déi mer elo hei schwätzen, fiskalesch ze favoriséieren. An d'LSAP ënnerstëtzt do och d'Grondphilosophie vun dësen paneuropäeschen Fongen. Den Här Bauler huet ganz am Detail erkläert, ëm wat et do geet. Dat si ganz spezifesch Fongen, e ganz neie Produit eigentlech.

Fir d'LSAP steet awer fest, dass dës Ausnam, déi mer hei bei der Taxe d'abonnement maachen, kee Virwand därer sinn, fir dauernd an ëmmer erëm Ausnamen ze maachen! Mir brauchen nämlech d'Recette vun der Taxe d'abonnement. Ech rappeléieren, dass dat bal 1,4 Milliarden Euro sinn. An déi brauche mer ënner anerem och, fir de Lëtzebuerger Sozialstaat ze finanzéieren.

Ech rappeléieren och nach drun, wéi wichteg d'Fongenindustrie ass. Den Här Bauler huet et virdu gesot: 14.000, 15.000 Aarbechtsplazen hänken direkt dorunner. Aus deem Grond ënnerstëtze mir d'Finanzplaz an hiren Efforten, fir innovativ an och konkurrenzfähig ze bleiwen. Mee d'Innovatioun an d'Kompetitivitéit kommen awer hautdesdaags net eleng iwwert de Wee vum Steuerdumping zustanen.

Mir wëllen d'Taxe d'abonnement also net ondifferenzéiert dauernd ersatzen. A mir wëlle se scho guer net op null setzen! A fir doriwwer och eng Kéier méi eng breet Diskussioun ze féieren, hate mer d'Madamm Ministesch gefrot – a si huet eis och zougesot, an den Här President wäert dat nach an den nächsten Deeg organiséieren –, dass mer eis eng Kéier an der Kommissioun méi breet iwwert d'Fongenindustrie an och iwwert d'Taxe d'abonnement an hir direkt Konsequenze kënnen ënnerhalen. Ech mengen, do ass et derwäert, dass een do den Horizont an de Bléck méi breet mécht. Villmools merci dofir nach eng Kéier.

Mir ginn hei den Accord vun der LSAP an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

M. François Benoy (déi gréng) | Jo, villmools merci, Här President. Dir Dammen an Härren, mir alignéieren eis hei ënner anerem op eng Partie europäesch Standarden. Mir maachen awer och éischter administrativ Upassungen, déi wichteg si fir d'Finanzplaz. Ech wëll dem Rapporteur dofir villmools Merci soe fir säin detailléierte mëndlechen a schrëftlechen Rapport, wou en eis explizéiert huet, wourëms et genau geet. Erlaabt mir just vläicht, awer nach e puer zousätzlech Bemierkungen ze maachen am Numm vun der grénger Fraktioun.

Wat d'Upassung vun der Taxe d'abonnement ugeet: Also, als Gréng ënnerstëtze mer déi prinzipiell Iddi

vun dësem Projete de loi, fir geziilt steuerlech Incentiven ze ginn, amplaz generell d'Steieren erofzesetzen. A mir maachen dat jo mat dësem Projete de loi op deene sougenannten ELTIF-Fongen, wou et drëms geet, europäesch Investmentfongen, déi längerfristeg sinn, ze ënnerstëtzen. Dat ass wichteg, fir der Économie réelle eng längerfristeg Hëllef ze ginn, déi och Sue brauch, wann et ëm d'Transitions digitale an écologique geet, an dat ass grad och fir d'PMEE wichteg. An en anere Volet, wou mer jo och hei Incentivé ginn, ass an de Paneuropäeschen zousätzleche Pensionsproduiten.

Da wëll ech awer kuerz dorop zrëckkommen, wat den Här Mosar och elo gesot huet vun där Propos, fir generell d'Taxe d'abonnement erofzesetze respektiv se ganz vun de Steieren ze befreien bei ESG-Fongen, also ekologeschen oder soziale Fongen. Dat ass eigentlech eng Approche, déi mir net ënnerstëtzen. Wat eis wierklech wichteg ass, dat ass, sou wéi mer et och an dëser Legislaturperiod scho gemaach hunn, dass mer wierklech geziilt d'Taxe d'abonnement do reduzéieren, wou et wierklech nohalteg Investissementer sinn. An dat gëtt jo och gemaach bei taxonomiekonforme Fongen. An do hu mer en plus de Gas an den Atom erausgeholl, aus gudden a bekannte Grënn.

Dat si kloer Krittären, déi an der Europäescher Unioun iwwerall d'selwecht sinn, quitte dass d'Taxonomie e Reegelwierk ass, wou Lëtzebuerg sech derzou decidéiert huet, fir verschidden Deeler dervun eeben ze iwwerhuelen an anerer net, an dat och gutt argumentéiert huet. An et schéngt mer kloer, dass een dat net Instrument, dat mer geschafen hunn, och an Zukunft muss evaluéieren an och warscheinlech an den nächste Joren upassen, fir dass et nach eng besser Wierkung huet.

Mee elo dohinner ze goen, dass een alleguerten d'ESG-Fonge géif steuerlech erofsetzen oder ganz befreien, dat wär wierklech an eisen Aen e staatlech finanzéierte Greenwashing. Well par rapport zu der Taxonomie sinn déi ESG-Fong-Krittäre wierklech immens schwammeg. An do gëtt et och eng ganz Rei Etüden, déi dat beleeden. Eng rezent Etüd zum Beispill vun engem grousem ESG-Databankeportal, wou iwwer 500 ESG-Fongen analyséiert ginn, huet erausfonnt, dass ee vu siwe Fongen e méi héije Carbon Footprint hat wéi d'Moyenne vun alleguerten de Fongen, also ESG oder och net.

A voilà, dofir: Souguer wann ee vun ESG-Fonge schwätzt, wou jo den E fir „Environnement“ dran ass, dann heescht dat nach laang net, dass dat och wierklech dran ass. Et gëtt eis also keng Garantie, dass se wierklech klimafreundlech sinn. An dann hunn ech nach guer net vun de soziale Froen oder vun de Mënscherechtsfroen geschwat. An dofir ass et fir eis wierklech wichteg, dass een ... Wann een dat géif maachen, da géif ee steuerlech wierklech an eisen Ae Saache bevirdelegen, déi guer net ze bevirdelege wäeren. Dat wär also och éischter e Schrëtt no hanner wéi e Schrëtt no vir.

Da bei alleguerten deenen Diskussiounen, déi et gëtt ronderëm d'Taxe d'abonnement, ass et wichteg, ëmmer erëm ze ënnersträichen, dass dat eng ganz wichteg Recette fir de Staat ass. Do kréie mer am Ganzen 1,5 Milliarde (veuillez lire: 1,2 Milliarde) Recetten eran, wat knapps 5 % vun de Recette vum Staat ausmécht. An domadder ass dat eng wichteg Recette fir de Staat. Wien also seet, dass een d'Taxe d'abonnement soll generell ofschafen oder eroffueren, dee muss sech ëmmer erëm iwwerleeën, wéi een dat géigefinanzéiere ka respektiv, voilà, wou en op där anerer Säit da wëll spueren.

A fir eis ass kloer: Eng Spuerpolitik kann net a Fro kommen, well grad elo brauche mer en héijen

Investissement an d'Mobilitéit, an de Logement an an de Klima an esou weider.

M. Charles Margue (déi gréng) | Très bien!

M. François Benoy (déi gréng) | Wa mer dat hei maachen, muss mer dann awer wierklech trotzdeem am An halen, dass ... Hei hu mer jo eng Rei Fongen elo exoneréiert vun der Taxe d'abonnement. An elo muss mer natierlech am Bléck halen, awéieren op déi zrëckgegraff gëtt amplaz vun traditionelle Fongen, wat jo dann och méiglecherweis eng Perte vu Recette-fiscallen ass.

Bon, de Finanzministère huet eis hei gesot, dass se dervun ausginn, dass den Déchet fiscal minimal ass. An awer muss mer dat wierklech am An halen, well dee Rapport Käschen/Notze muss fonctionéieren, wéi een dat souwisou bei alleguerten de Steuerbevirdelegunge muss maachen, am Sënn vun enger zilorientierter a verantwortungsvoller Budgetpolitik. An deem Sënn muss een awer leider constatéieren, dass déi Analys an d'Evaluatioun vun den Déchet-fiscallen an de leschte Jore kaum gemaach ginn ass, obwuel ech dat hei op der Tribün eng Partie Kéieren och gesot hunn.

Ee leschte Punkt vläicht nach: Wa mer iwwert d'Kompetitivitéit schwätzen, wat mer jo och ëmmer erëm hei am Haus maachen, wëll ech nach eng Kéier preziséieren, dass et wichteg ass, dass een dat méi wäit kuckt wéi déi reng steuerlech Froen. Kompetitiv si mer zu Lëtzebuerg net just aus enger steuerlecher Perspektiv oder weinst steuerlechen Incentiven, mee och well mer eng gutt Santé hunn, well mer gutt an attraktiv Schoulen hunn, well mer eng gutt Mobilitéit hunn an e gudden Logement. Dat heescht, mir mussen dat wierklech alles ëmmer zesummenhängend kucken. Kompetitivitéit mécht sech net just mat Steuerreformen.

Merci.

M. Charles Margue (déi gréng) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Benoy. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. An och merci fir dee ganz gudden Rapport, dee mer héieren hunn. Et wär och vläicht interessant, wann d'Madamm Backes eis herno e bëssen erziele kéint, wéi et an Irland war. Si war jo viru Kuerzem do an ech mengen, do konnt si jo och eng Rei vun deenen Dossieren hei uschwätzen. Well loosse mer eis hei net ieren: Ech mengen ... Dat ass elo kee Wuertspill mat den „Iren“.

(Hilarité)

Also, mir sollen eis net ieren, wa mer hei elo iwwert d'Konkurrenz aus Irland hei schwätzen.

(Interruption)

Mee mir schwätzen hei wierklech iwwer e ganz, ganz wichtigen Industrieberäich fir Lëtzebuerg, nämlech d'Fongenindustrie. A mir mussen einfach gesinn, datt mer „en perte de vitesse“ si weinst der irescher Konkurrenz. Dat ass einfach esou. Mir sinn hei ënner staarkem Drock, fir éischters Fongen nach op Lëtzebuerg ze kréien an dat ze preservéieren, wat mer halen. An dorunner gebonnen ass natierlech déi ganz Fro vu Steuerrecetten a Sekundärrecetten, déi vun där Fongenindustrie ofhänken – eent vun den Hauptstandbeen, wann net dat Hauptstandbeen, vun der Lëtzebuerger Finanzplaz.

Elo ass dann natierlech ... Well mer do ënner Drock sinn – an dat ass jo och e bëssen hei an deem Gesetz –, muss mer schonn e bëssen iwwert d'Taxe

d'abonnement schwätzen. Ob dat duergeet, ass eng aner Fro, well mir hunn hei zwou Approchen. Déi eng ass e bëssen eng ideologesch: Mir befreien elo déi oder déi Fonge vun der Taxe d'abonnement oder mir reduzéieren. Anerer sinn do net derfir. Mee et geet iwwer Ideologie eraus. Hei musse mer kommerziell denken. Mir sinn net méi an der Dimensioun hei, well mer jo gesinn, datt d'Entwécklung Richtung Dublin geet, datt mer elo hei kënnen u ganz kleng Schrauwen dréien. Mir mussen eis wierklech ganz grondsätzlech froen, wuer mer higi mat der Taxe d'abonnement zu Lëtzebuerg, wat mer gär hätten, wéi mer eis konkurrenzell opstellen a wéi mer et géigefinanzéieren, well do musse mer warscheinlech mat enger Perte u Recettë rechnen.

Da muss een awer feststellen, datt dës Regierung gläichzäiteg eng aner grouss Quell vu Revenuen ofschaaft oder wëll op d'Spill setzen, dat ass den Tanktourismus. Well do hu mir d'Schrauwen an der Hand, un deene mer kënnen dréien – beim Tanktourismus. Mir kënnen dat fixéieren, wéinstens zu engem ganz, ganz groussen Deel. An do gi mer awer hin a maachen och eis Sprittpräisser ëmmer méi deier.

Dir wësst, d'ADR-Positioun ass do ganz kloer: Mir hätt gär, datt eis Präisser ëmmer méi niddreg si wéi déi vun eisen dräi Nopeschlänner. Do ass och eng kloer sozial Dimensioun mat dran. Well hei ass d'Tendenz, fir d'Sprittpräisser ëmmer weider eropzesetzen, doduerch zwar eng gewësse Recette ze halen, awer dat geet natierlech op d'Käschte vun de Leit a mir reduzéieren d'Standbeen – soe mer mol – oder mir devaloriséieren zum Deel déi Recette „Tanktourismus“. Mir huelen eis doduerch och Spillraum, dee mer vläicht hätten, fir op anere groussen Dossierer, wéi op der Taxe d'abonnement oder esou, eng gewësse Flexibilitéit kënnen ze developpéieren.

Dat ass, wann een de Gesamtbudget kuckt, och eng Diskussioun, déi ee muss féieren – vläicht net genee an deenen Termen, dat ass ganz kloer, mee et muss een einfach kucken, datt de Staat genuch Recettë behält, wann een dann international ënner Drock kennt, wéi dat hei de Fall ass.

Gutt an dësem Gesetzesprojet ass – an dat ass eng vun deenen Ursaachen, firwat mer en och gär matstëmmen –, datt mer en Deel national Initiativ hei hunn. Et ass net nëmmen esou, datt mer hei europäesch Recht géifen ëmsetzen, wéi dat dacks de Fall ass, an als First Mover an engem Contexte international géifen optriede vun internationalen Instrumenter. Nee, hei weise mer national Initiativ! Dofir kënne mer wierklech nëmme soen: Dat ass eng güt Saach. Mir begreissen dat. Mir ënnerstëtzen dat, wéi dat hei ugeduecht ass. Et geet warscheinlech net duer. Dat hu mer grad probéiert, hei duerstellen, well mer eeben déi Entwécklung international musse ganz no verfollegen.

E Wuert zur Steuerkonkurrenz nach vläicht fir ofzuschléissen: Dat ass jo e Kader vu Steuerkonkurrenz, deem mer am Abléck ausgesat sinn duerch eeben eis Frënn an Irland – an net nëmmen do, mee awer haaptsächlech do. An dat ass net dat selwecht wéi Steuerdumping. Steuerkonkurrenz huet och ganz, ganz positiv Aspekter, an dat därerf een net vergiessen! Well et gëtt u sech zwee Modeller, wann een iwwert déi international Steuerlandschaft schwätzt. Dat eent ass dee vun der Steuerharmoniséierung, an dat anert ass dee vun der Steuerkonkurrenz. Wa mer higinn a mir harmoniséieren international, da féiert dat einfach zu enger duerchschnëttlecher Erhéijung vun der Steuerlaascht an deenen eenzelne Staaten.

D'Steuerkonkurrenz zwéngt d'Staaten, d'Steuerlaascht ze iwwerdenken a méi niddreg ze halen, wat dacks au bénéfice vun de Steuerbezueler ass, déi dann

allgemeng eng méi niddreg Steuerlaascht mussen hunn, wéi wa sech international op méi héich Sätz géif verstännegt ginn. Dat ass zwar eng vereinfacht Duerstellung – dat ginn ech och gär zou –, mee si weist awer, datt d'Steuerkonkurrenz per se dacks am Interess vum der Leeschtungsfaegkeet, vun der Produktivitéit, vun der Kafkraaft vun deene Länner ass, wou d'Steuerlaascht bewosst vun der Regierung manner héich gehale gëtt, wéi dat an anere Länner de Fall ass. Dofir muss een dat an ekonomeschen Termen denken an net an ideologeschen.

Eng ganz lescht Bemierkung, dat ass déi europäesch Taxonomie. Och do hu mir als ADR eng ganz kloer Positioun: Mir denken net, datt mer sollen do Ausname maachen. Déi Taxonomie existéiert. Mir wëllen eis Economie net méi schlecht stellen, wéi dat an anere Länner de Fall ass. Dofir géife mir se ganz iwwerhuelen, ouni déi Ausnamen, déi hei a Gas an Atom vun der Regierung virgeschloe goufen.

Merci.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci och un de Rapportier fir dee ganz gudden mëndlechen a schrëftlechen Rapport. Jo, dës Gesetzesprojet soll d'Fongenindustrie méi attraktiv maachen. Ech wëll net soen „erëm“. Ech mengen, datt mer nach ëmmer eng attraktiv Finanzplaz sinn. Andeem mer direkt fënnef sektoriell Gesetzter upassen, ginn Ausnamen an der Taxe d'abonnement geschaaft.

Am Prinzip – an ech wëll soen „am Prinzip“ – begrësse mir Piraten, datt an dësem wichtege Secteur Moderniséierungsmoosname kommen. Fir eis Piraten ass den aktuelle Problem awer net déi Lëtzeburgeresch „Toolbox“, wéi mer se ëmmer esou schéin nennen, déi u sech ganz komplett ass a wou vläicht punktuell u verschidde Stellschrauwe muss gedréit ginn, mee verschidden Exigenzen am Kader vum AML (ndlr: Anti-money laundering), KYC (ndlr: Know your customer), de sougenannte „Look-through“, deenen Depositairesbanke mëttlerweil musse maachen.

Ech mengen, de Problem vun de Firmen, déi Bankkonten opmaachen, dat ass an der Kommissioun schon diskutéiert ginn, ass heibannen diskutéiert ginn. Ech ginn elo net dorobber an. Wat awer méi seelen diskutéiert gëtt, ass, datt mëttlerweil souguer Banken, déi als Depositäre fungéieren, änlech Problemer hu respektiv limitéiert sinn an hirer Aktivitéit. An do stellt sech fir mech d'Fro, wann een da wëllt d'Fongenindustrie méi interessant maachen, méi attraktiv maachen, ob een net och aneren europäesche Banken, déi déi nimmleche Krittären erfëllen, sollt d'Méiglechkeet ginn, als Banque dépositaire ze fungéieren, wann d'Banken op der Plaz dat haut net méi maache kënnen.

Mir Piraten stellen eis awer och d'Fro, wat fir Konsequenzen op de Staatsbudget dann dës Projet huet. Ech krut nämlech an der Finanzkommissioun ... An ech hat d'Fro gestallt, nodeem ech d'Fiche financière gekuckt hat, déi awer fir esou e wichteg Standbee vun eise Steuerrecetten dach relativ sommaire war. Et ass ganz vill am Konjunktiv geschriwwen ginn, am Sënn vun: „D'Regierung mengt, datt mer 8 Milliounen verléieren, mee datt déi awer eventuell vläicht kéinte kompenséiert ginn duerch nei Recetten.“

Wéi se op déi 8 Milliounen kouw? Ech hat d'Fro an der Kommissioun gestallt. Ech krut keng zefriddestellend Äntwert. Dat war och herno de Grond, firwat ech mech beim Rapport enthalen hunn. Firwat sinn et 8, net 9,

net 10, vläicht och nëmme 4 Milliounen? Hei gëtt, wéi bei der ATAD-Direktiv, déi mer d'lescht Woch diskutéiert hunn, a mengen Aen net genuch op eng wëssenschaftlech Basis Wäert geluecht, fir erauszefannen, wat den Impakt wierklech op de Secteur ass.

Déi Changementer ënnerleie ville Facteuren. Do musse mer eis guer näischt virmaachen. Et ass net esou, datt déi Changementer eendeiteg zouuerdenbar sinn, mee esou Analysen, och mat enger gewëssener Unsécherheet, kéinten awer Trajectoire liwweren an eis méi ee Gesamtblick op eis Finanzplaz ginn, a virun allem op hire Gesondheitszoustand.

Mir Piraten verstinn net – d'lescht Woch net, dës Woch nach ëmmer net –, firwat mer eis do net méi Moyene ginn, fir dat ze analyséieren. Mee bon, wann ee gesäit, datt d'Generalsekretärin vun der Partei, déi d'Finanzministesch stellt, um Radio seet, datt een, éier een iwwer finanztechnesch Reformen nodenkt, als Éischt nach misst Analyse maachen, obwuel déi nimmleche Partei säit zéng Joer de Finanzministère besetzt, da stellen ech mer d'Fro, ob dat net vläicht strukturell e Problem ass.

Mee bon, Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, vu datt eis Piraten d'Donnéee feelen, fir den Impakt hei ofzeschätzen, an et och net ersiichtlech ass, datt déi Donnéeeen nogeliwwert wäerte ginn, wäerte mer eis bei deem heite Projet enthalen. Et ass net esou, datt eis net um Häerz läit, datt et der Finanzindustrie weiderhin och hei zu Lëtzebuerg gutt geet. Mir kënne just am Moment net wierklech ofschätzen, wuer dat heiten hiféiert. An deementsprechend ass eis Enthalung begrënt.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, dës Gesetzesprojet ass wichteg fir eis Finanzplaz a wichteg fir eis Fongezplaz. An ech soen natierlech och dem honorabelen Deputéierten André Bauler e ganz grouss Merci fir säin detailléierte schrëftlechen an och mëndlechen Rapport. Ech soen Iech och alleguete Merci heibanne fir déi breet Zoustëmmung. Et ass elo scho villes gesot ginn. Ech wëll net alles nach eng Kéier soen. Trotzdeem si mer e puer Punkten awer wichteg, fir se hei och nach eng Kéier ze maachen.

Jo, mir wëllen déi sougenannte Lëtzeburger „Toolbox“ vun de Fonge verbessern. Mir wëlle se moderniséieren a kucken, dass eis Finanzplaz an eis Fongezplaz weider attraktiv bleiwen, weider kompetitiv bleiwen. Mir haten an der zweeter Tripartitt eng ganz ausféierlech Presentatioun vum Secteur, och vun der ALFI, kritt, déi och trotzdeem fir e bëssen Diskussioun gesuergt huet, aus deene mer trotzdeem d'Konklusioun gezunn hunn, dass mer eis misste gutt a weider gutt opstellen an der Zukunft, well d'Konkurrenz effektiv net schléift. Se schléift net innerhalb vun der Unioun, se schléift net an Europa a se schléift och net iwwer Europa eraus, zum Beispill och an Asien, dat och zum Beispill an den alternative Fongen.

An an deem Beräich hu mir zu Lëtzebuerg iwwert déi lescht Jore ganz vill Wuesstum gehat, net nëmmen, wat d'Avoiren an den alternative Fongen ugeet, mee et sinn och nei Acteuren op Lëtzebuerg komm, fir d'Clientë mat dëse Produiten an och mat dëse Services och vu Lëtzebuerg aus kënnen ze bedéngen.

Dat heescht, et ass wichteg, dass mer à la pointe bleiwen. Dofir ass et wichteg, do nozebesseren, wou dat néideg ass, fir dass mer och eise Virsprong net verspillen. De Rapporteur huet et och ganz richtig gesot: Dat heiten ass ausgeschafft ginn am Dialog mat de Parties prenantes aus dem Secteur. An ech mengen, wat mer hei fäerdegbruecht hunn, ass, de Mëttelwee ze fannen, fir souwuel op där enger Säit Demandé vum Secteur entgéintzekommen an op där anerer Säit och d'Protektioun vun den Investisseure weider ze garantéieren.

Den Text gesäit dofir déi punktuell Ännerunge vun de fënnef sektorielle Gesetzesprojete vir, den Här Bauler huet dat am Detail erkläert. Nach eng Kéier: Fir kompetitiv an attraktiv ze bleiwen, mussen mir ganz gutt oppassen, well mir effektiv gesinn, dass verschidde Parts de marché un Irland weiderginn.

Bon, ech thematiséieren am Fong ni ganz gären esou en place publique an net an der Pleniéer iwwert d'Konkurrenz, mee dat ass esou. An dofir sinn an deemem Text och e puer gezielt Mesüeren, fir eeben d'Taxe d'abonnement erfzesetzen. Déi sinn heidra virgesinn. An et ginn och punktuell Upassungen un europäesch Reglementer gemaach.

Hei geet et dann eebe virun allem drëm, d'Industrie ze encouragéieren, sech fir Lëtzebuerg ze entscheeden, wa se dann nei Produiten opleet. An déi nei Produiten, déi si jo erkläert ginn. Hei geet et ëm Investissementer an Infrastruktur an och an déi sougenannte PEPPen, d'Épargne retraite. Et handelt sech hei also ëm ganz cibléiert Mesüeren, déi och spezifesch reglementéiert sinn um europäeschen Niveau. An ech mengen, et ass wierklech ganz wichteg, fir dat ze ënnersträichen, dass et sech hei ëm reglementéiert Fongen handelt. An et ass och e puermol mentionéiert ginn a fir mech ass dat och ganz wichteg, dass d'Europäesch Kommissioun trotzdeem d'Memberstaaten explizitt opgefuerdert huet, fiskalesch Incitativ fir dës Produiten ze schafen.

D'Fro ass gestallt ginn zum Dechet. Déi proposéiert Mesüre géifen de Staat dann ëm déi 8 Milliounen Euro kaschten, dovunner 1,3 Milliounen, well déi besteeënd ELTIFe wäerten dann exoneréiert ginn, a 6,7 Milliounen duerch d'Upassung un déi nei europäesch Definitiv vum de Money Market Funds. Et kann een awer dervunner ausgoen, dass dës dann trotzdeem liichten Déchet fiscal wäert kompenséiert ginn duerch de positiven Impakt vun dëse Moossnamen, fir déi betraffe Fongen dann zu Lëtzebuerg kënnen ze hunn. Also, ech mengen, déi Diskussioun, déi sollen a mussen mer och weider féieren an deemem Haus, zesummen dann an der Cofibu, well ech mengen, hei misste mer kucken, wéi mer eis effektiv an Zukunft dann och opstellen, an do solle mer selbstverständlech déi Diskussioun och zesumme féieren.

Ech mengen, mir wëssen, de Secteur hätt am léifsten d'Taxe d'abonnement ofgeschaf. Mir wëssen awer och, dass dat – an dat ass och mentionéiert ginn – trotzdeem 1,2 Milliarden – dat war fir 2022 – Steieren age driwwen huet. Dat si wichteg Recetten. Ech mengen, hei hu mer den Equilibre fonnt, well mer wëllen eeben nei reglementéiert europäesch Produite promouvéieren, fir méi Aktivitéit op Lëtzebuerg ze zéien. Dat soll en Effet incitatif hunn, ouni dass elo de Prinzipp vun der Taxe d'abonnement a Fro gestallt gëtt.

Ech mengen, do, wou mir Produite mat null Taxe d'abonnement unzéien – well ech mengen, déi kéinte jo grad esou gutt an en anert Land goen, fir net nees Irland ze mentionéieren –, do kréie mer natierlech da Steieren op d'Sociétés de gestion. Do ginn och Leit age stellt. Dat generéiert Business, dat generéiert Wuessum op der Finanzplaz. Ech mengen op alle Fall, dat

misst eis alleguerde wichteg sinn, sachant, dass dat wichteg Steierrecettë sinn, a sachant och, dass an deenen nächste Joren trotzdeem ganz vill Depensé wäerten op eis zoukommen, ob dat ass, fir d'uebel Transitioun ze finanzéieren, ob dat ass, fir och eis Klimaziler ze erreechen, ob dat an der Defense ass.

Voilà, ech schléissen of, andeem ech Iech dann nach eng Kéier e grouse Merci soe fir déi breet Zoustëmmung. An ech wëll och mengen Ekippen am Finanzministère Merci soen, déi hei ganz vill dru geschafft hunn, an nach eng Kéier, zesumme mat de Parties prenantes.

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8183. Den Text steet am Document parlementaire 8183².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8183 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 55 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8183 est adopté par 55 voix pour, 2 voix contre et 2 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup.

Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. Dépôt d'une résolution par Mme Nathalie Oberweis

Da géif ech d'Wuert ginn un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis fir den Depot vun enger Resolution.

Exposé

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk), auteure | Jo, ganz kuerz. Merci, Här President. Wéi ech virdrun

annoncéiert hunn, hat ech mech geiert. A menger Motioun virrunner war e Punkt dran, deen u sech net an eng Motioun gehéiert, mee an eng Resolution. Dat heescht, an Däitschland, do huet den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher u sech d'Recht, e Bureau de réclamations ze sinn. Also, voilà, en huet méi Pouvoir wéi den Okaju zu Lëtzebuerg. A genau dofir deposéiere mir hei eng Resolution, wou mer d'Chamber invitéieren, eise Okaju och déi Méiglechkeet ze ginn, dass en eebe méi Pouvoiren huet a deene Jonken an de Kanner net méi just kann nolauschten, mee eeben och ka vermëttelen, voilà, mediéieren, an eeben och Bureau de réclamations sinn.

Villmools merci.

Résolution

La Chambre des Députés,

considérant

– la Convention internationale des droits des enfants ;

– les lignes directrices de l'ONU relatives à la protection de remplacement pour les enfants ;

– les recommandations les plus récentes du Comité des droits de l'enfant pour le Luxembourg,

décide

– d'étudier la possibilité de donner à l'Ombudsman pour enfants et jeunes les pouvoirs d'un bureau de réclamations pour les enfants et les jeunes.

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis.

8. 8016 – Projet de loi portant modification :

1^o du Code du travail ;

2^o de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

3^o de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux,

en vue de la transposition de la directive (UE) 2019/1158 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 concernant l'équilibre entre vie professionnelle et vie privée des parents et des aidants et abrogeant la directive 2010/18/UE du Conseil

Mir kommen elo zum Projet de loi 8016, enger Upassung vun enger Direktiv iwwert d'Gläichgewicht tëschent dem professionellen an dem private Liewe vun den Elteren an de Versuerger. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun deemem Projet de loi, den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Dan Kersch (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Work-Life-Balance ass e Sujet, deen an deene leschte Jore staark u Bedeitung gewonnen huet an och scho méi wéi eng Kéier hei an der Chamber diskutéiert ginn ass.

Den 20. Juni 2019 hunn dat Europäesch Parlament an den EU-Conseil eng entsprechend Direktiv erausbruecht. Et muss ee soen, dass viles vun deem, wat an där Direktiv stoung, hei zu Lëtzebuerg scho laang Standard war, mee eeben net grad alles. An dat ass och de Grond, firwat d'Regierung decidéiert huet, e Gesetzesprojet op de Wee ze bréngen, fir eeben nach déi feelend Punkten och hei zu Lëtzebuerg ëmzesetzen. Dat sinn d'Projeten 8016 an zum Deel och nach 8017, dee mer uschlëssend wäerten diskutéieren.